**Erfahrungsbericht (Luxemburg 2024) der Mutter eines Kindes im Alter zwischen 3-6 Jahren**

"Ech si ganz sécher kee Jong!!!", huet mäi Kand mir mat 3 Joer gesot.

"Wat bass du dann?", hunn ech geäntwert, anungslos...

"Dat weess ech nach net, wann ech dat weess soen ech dir et, ech si just ganz sécher, dass ech kee Jong sinn. Dat ass falsch!"

Ech sinn dunn net weider dorop agaangen, mä no an no koum et ëmmer méi oft zu Situatioune wéi deenen do tëscht mengem Kand a mir. Ech hu mer Ufangs geduecht, dass et bestëmmt nëmmen eng Phase wier déi mat e bëssi Gedold an ouni Drock sécherlech gläich vum selwen nees eriwwer wier. Eise Pediater huet dat och esou gesinn.

Mä et gouf ëmmer méi intensiv. Wann ech mäi Kand diskreet op d'Gemeinsamkeeten tëscht him a sengem Papp opmierksam gemaach hu krut ech e kloren:" jo ech weess, dass ech sou eppes hunn, mä dat ass awer falsch! Ech sinn awer kee Jong!" (Mäi Kand huet säi Geschlecht also net u biologesche Fakten ausgemaach, déi et och altersgerecht verstanen huet. Seng Ausso war also net op Manktem vu Wësse baséiert.)

Am Alldag gouf et vill Situatiounen an deene mäi Kand schnell iwwerfuerdert war, et war him oft ze haart, ze hell, d'Gezei huet ze vill gepickt, de Rëtsch-Ratsch vun de Schong war net riicht genuch zou,... an da gouf haart gejaut a batter Tréine gekrasch. Mir ass déi Zäit mäin Häerz bal gebrach, mäi Kand war ganz oft ganz onglécklech an egal wat mer probéiert hunn, et ass einfach keng Verbesserung komm. An der Precoce koum et moies emol an engem Collant an enger Jupe vu senger grousser Schwëster aus sengem Zëmmer a wollt esou an d'Schoul goen. Et war kromm a schif a mindestens dräi Nummeren ze grouss mä mäi Kand huet gestraalt a gemengt: "ech dinn haut dat hei u fir an d'Schoul!" Säin "neutraalt" Gezei, eng Jeans an e Pullover, wat ech him erausgeluecht hat loung zerdruddelt ënnen am Schaf...

Et deet mir Haut nach Leed, dass ech mäi Kand net esou an d'Schoul goe gelooss hunn deemools. Ech hat Angscht! Angscht virun der Reaktioun vun den anere Kanner, viru béise Kommentarer, déi mäi Kand vläit kritt hätt, virun de Reaktioune vun den Enseignanten. D'Jupe hätt net gehal a wier erof gerutscht... eng Excuse wéi eng Aner! Wann an e puer Wochen di Phase eriwwer ass, maachen d'Kanner vläit nach ëmmer de Geck mat mengem Kand, déi verhalen esou eppes! A wat wann d'Joffer grad eng Klassefoto mécht oder sou...

Dat dommt Spillchen hunn ech bal dräi ganzer Joer gespillt! D'Phase ass an ass net eriwwer gaang. Doheem an an de Vakanzen huet mäi Kand dierfen undi wat et wollt. Meeschtens ass et a Kleeder, Räck, „Anna aus Frozen“- Verkleedung ronderëm gelaf an huet "Let it go" gesongen a virum Spigel gedanzt. (Kopéiert huet et dobäi kee vun eis, well weder seng grouss Schwëster, nach ech, di gär Kleeder un an di puer, déi seng Schwëster am Schaaf hänken hat, awer kaum unhat, huet et fir sech an Usproch geholl an deelweis a sengem eegene Kleederschaf "verstoppt".)

An der Schoul war et vill eleng. Et hat, ausser engem Meedchen, wat sech heinsto mat him oofgin huet, bal keng Frënn. Et gouf op kee Klassegebuertsdag mat invitéiert. Et huet geschéngt wéi wa weder d'Jongen nach d'Meedercher eppes mat him konnten ufänken. Et huet net gepasst. Et ass eleng um Klootergerüst ronderëm geturnt an de Pausen.

Säitens vun den Enseignantë gouf ech just informéiert, dass mäi Kand vill Krise géing maachen an der Schoul a säi Verhalen „anescht“ wier wéi dat vun anere Kanner. Op meng Nofro hi konnten awer keng konkret Beispiller genannt ginn.

Ech hunn him ëmmer Owes am Bett eng Gutt-Nuecht-Geschicht erzielt. Enges Owes sot ech beim Erausgoen "Gutt Nuecht mäi klenge Prënz!" Kuerz drop huet mäi Kand ugefaange fuerchtbar ze kräischen. Ech hat gemengt et hätt sech iergendwéi um Bett de Kapp gestouss oder et hätt Bauchwéi kritt. Ech krut et iwwert eng hallef Stonn net mei berouegt an et konnt mer och an där Zäit net soe wat et hat. Eegent wann, wou et vun Erschëpfung just nach lues geschluchts huet sot et mer "Mamma, so dat wannechgelift ni méi! Ech si kee Prënz, ech sinn eng Prinzessin!" De Glawen un "eng Phase" huet mech ëmmer manner iwwerzeegt. Et war einfach ze laang an ze intensiv fir eng Phase. Och eise Pediater huet net méi doru festgehalen an d'Thema "trans" ugeschwat.

Ech hunn ugefaangen online no "trans in early childhood" ze sichen. Bis dohin, hat ech mech kaum mat dem Thema befaasst an ech wosst net, dass et schonn am esou jonken Alter ka "kloer" sinn. Et mécht Sënn, di meescht Kanner wëssen an dem Alter wéinegem Geschlecht si ugehéieren. Ech hunn net vill nëtzlech Informatioune fonnt. Ech hunn zwee Videoe fonnt vun trans Meedercher aus den USA, mä haaptsächlech hunn ech Haasskommentare fonnt. Esou vill! Ech war iwwerwälteg wéi vill Leit dozou eng Meenung haten an zwar eng negativ. Géint Elteren, géint Kanner, géint trans Leit am Allgemengen. Ech hunn doropshin emol nuechtelaang geheult. Mäi klenge Butz deen zesummegerullt ënnert senger Decke loung, säin Doudou fest am Grapp an nach zwee bis dräi oppe Kannerbicher ronderëm leien, déi et nach gekuckt hat virum aschlofen huet dach absolut näischt mat deene ganze Meenungen, Debatten an dem ganzen Haass ze dinn! An ech well et dovun sou gutt wéi méiglech ewech halen. Mä an deenen zwee Videoen hunn ech awer och vill Parallellen zu mengem Kand gesinn. Villes huet op eemol Sënn gemaach, wat sech virdrun nach ganz komesch an onlogesch ugefillt huet. Mäi Kand huet nach ëmmer en Duebelliewe gefouert, d'Hoer ware mëttlerweil schëllerlaang, d'Kleedung fir d'Schoul nach ëmmer neutral.

Mäi Kand huet sech awer net konstant wat ech vereinfacht als "stereotyp weiblech" bezeechne, verhalen. Et koum mer oft fir, wéi wa mäi Kand wat Geschlechternormen ugeet "weder nach" wier. Wann ech mäi Kand gefrot hunn a wéineg Case ech op Formularen da lo sollt e Kräiz maachen, sot et mer ganz iwwerzeegt; "ma an d'Mëtt! Awer net bei Jong!" Wann ech him erkläert hunn, dass do awer keng Case wier sot et: "dat ass net schlëmm, da mol einfach eng dobäi!"

Mat sechs an hallef Joer koum et dunn zu engem entscheedende Moment. "Mamma, ech si mer lo ganz sécher wat ech sinn! Ech sinn e Meedchen an ech well ab Muer och just nach als Meedchen an d'Schoul goen!"